

(par M. Claude Meisch), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen (par M. Charles Goerens), Paul Helminger (par Mme Colette Flesch), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Da komme mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5423.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet ass ugehall, grad ewéi déi vu virdrun, mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrigh-Duval, Nancy Arendt (par Marc Spautz), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Lucien Thiel), MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. John Castegnaro), Mme Lydia Mutsch (par M. Roger Negri), MM. Roger Negri, Jos Scheuer (par M. Marc Angel), Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Alex Bodry);

MM. Xavier Bettel (par M. Niki Bettendorf), Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par Mme Colette Flesch), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen (par M. Claude Meisch), Paul Helminger (par Mme Anne Brasseur), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt och hei d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Résolution 1

Mir hunn dann nach eng Resolutioun, déi déi honorabel Madame Err déposéiert huet, déi vun alle Fraktiounen – wann ech dat richtig gesinn – ënnerschriwwen ass. Also, kënne mer par main levée doriwuer ofstëmmen?

(Assentiment)

D'accord.

Vote

Wien ass mat där Resolutioun d'accord?

Ech gesinn, dat ass d'Unanimitéit, also ass d'Resolutioun unanime ugehall.

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 5463, en Ofkommes iwwert de Corps européen. D'Wuert huet de Rapporteur, den honorabelen Här Marcel Glesener. Här Glesener!

5. 5463 – Projet de loi portant approbation du Traité entre le Royaume de Belgique, la République fédérale d'Allemagne, le Royaume d'Espagne, la République française et le Grand-Duché de Luxembourg relatif au Corps européen et au statut de son Quartier général, ainsi que de l'Acte final de signature, faits à Bruxelles, le 22 novembre 2004

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération et de l'Immigration

M. Marcel Glesener (CSV), rapporteur.- Jo, Merci. Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, eisen Débat wäert mat Sécherheet net esou spannend sinn an net esou laang dauere wéi dee vu virdrun. Ech ka mech och ganz kuerz faassen. D'Detailer vun deem, wat do zur Diskussioun steet, fannt Der a mengem schrëftleche Rapport.

U sech kann ech soen, datt dee Projet absolut keng Changeementer, wat d'Verteidigungspolitik vu Lëtzebuerg betrëfft, mat sech wäert bréngen. Et geet ledeglech drëm, fir en Traité ze approvëieren, deem den 22.11.2004 tëschent der Belsch, Däitschland, Spuenien, Frankräich a Lëtzebuerg ënnerzeechent ginn ass. Dat ass e juristescht-techneschen Text, deem eng juristescht Basis vun der Zesummenaarbecht vun all deene Staten, déi dem Corps européen ugehéieren, festleet, an deem och déi noutwendeg Rechtsbasis fir de Quartier général, dee sech zu Stroossbuerg befënnt, definéiert an och festleet.

Den Dépôt vun dësem Projet war de 15. Abrëll 2005. De Statsrot huet säin Avis ginn am Juli 2005 an hien huet absolut keng Objektione presentéiert a virfonnt opgrond vun der Verfassungsméiglechkeet vun deem internationalen Traité. Hien hat just e puer juristescht Formulationen ugin, déi mer am Artikel 1 och respektéiert hunn. U sech waren dat nëmmen textuell Observationen, déi de Statsrot gemaach huet. De Statsrot steet also och hannert deem Projet.

Mir haten de 17. November an der zoustänneger Kommissioun den Exposé vum Verteidigungsminister, dem Här Frieden, dee méi an den Detail op de Corps européen an iwwert de Quartier général agaangen ass an d'Bedeitung, d'Admissionen nach eng Kéier virgedroen huet.

Mir hunn dann ebenfalls den Avis vum Conseil d'État duerchdiskutéiert an och déi textuell Ännerungen ugehall. Den 19. Dezember hunn ech dann an der Kommissioun mäi schrëftleche Rapport, deem Der alleguerten hutt, virgeluecht, an d'Kommissioun huet unanime dee Rapport och esou ugehall.

A mengem Rapport gesitt Der – an ech wëll dat ganz kuerz erwähnen, fir déi, déi sech duerfir interesséieren -: D'Organisatioun oder d'Originé vum Corps européen datéiere vum 22. Januar 1963; dat war jo nach d'Fro fir d'Verteidigungen tëschent Frankräich an Däitschland. Doriwuer eraus sinn déi Missiounen erweiert ginn am Mee 1992, et si Länner bäigettratt: d'Belsch 1993, Spuenien 1994 a Lëtzebuerg 1996, dat opgrond vun enger Décisioun och vun eiser Chamber.

Am Joer 2002 sinn d'Aufgaben an och d'Méiglechkeeten, dem Corps européen bäizetrieden, erweiert ginn, andeem d'Nato-State kënne sech vertrieed loosson an dem Corps européen an ebenfalls am Quartier général. Dat hu gemaach: Kanada, d'Türkei, Griichenland a Polen. Si sinn och mat bedeelegt un der Organisatioun vun deem Quartier général.

Doriwuer eraus fannt Der a mengem Rapport déi lescht rezent Missioun vum dem Corps européen, wat virun allem Friddensmissiounen waren um Balkan, wou och Lëtzebuerger Zaldote sech dru bedeelegt hunn, dat opgrond vun enger spezieller Prozedur, déi gesetzlech festgeluecht ass, wou eis Chamber muss den Accord ginn. Mir sinn de Moment befaasst mat enger Reform vun der Participatioun vun de Lëtzebuerger Arméibedingungen hei an der Chamber. An da waren nach Missiounen, wou och Lëtzebuerger dru bedeelegt waren, an Afghanistan.

Deen neien Traité, deem och opgrond vun der Ëmännerung vun der europäescher Sécherheets- a Verteidigungspolitik zustane komm ass, ass ënnerzeechent ginn no enger Rei Verhandlungen, déi ee Joer gedauert hunn, den 22. November 2004, an haut ass et un der Chamber, deem Traité, deem, wéi ech gesot hunn, keng Verännerung an der Verteidigungspolitik an an der Zougehéiregkeet vu Lëtzebuerg zur Nato bedeit a bedéngt, och ze ratifizéieren. D'Commission des Affaires étrangères, wéi gesot, huet dee Rapport esou unanime ugehall a si biet och d'Chamber, deem Traité hei ze ratifizéieren. Et ass also en Opruff un lech alleguerten, Kolleeginnen a Kolleegen, mat Ärer Stëmm deem Traité Är Zoustëmmung ze ginn.

Datselwecht maachen ech am Numm vun der CSV-Fraktioun, déi dann net nach extra brauch hei d'Wuert ze ergräifen. D'CSV-Fraktioun gëtt selbstverständlech och den Accord zu deem Traité.

Dat gesot, soen ech lech Merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Glesener. Den honorabelen Här Goerens huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Charles Goerens (DP).- Här President, zu deem Traité do ass alles gesot, duerfir brauch ech nëmme just nach der Chamber d'Zoustëmmung vu menger Fraktioun ze iwwerbréngen.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Goerens. Den honorabelen Här Angel.

M. Marc Angel (LSAP).- Jo, Här President, och d'sozialistescht Fraktioun stëmmt dëse Projet mat a wëllt dem Här Marcel Glesener Merci soe fir säin ausféierleche schrëftlechen an awer och mëndleche Bericht. Merci.

M. le Président.- Voilà. Wa soss kee Riedner méi do ass, da wär et un der Regierung. Den delegierte Minister, den Här Schmit, huet d'Wuert.

M. Nicolas Schmit, Ministre délégué aux Affaires étrangères et à l'Immigration.- Ech ka mech och dorop limitéieren, dem Rapporteur Merci ze soen, an ënnersträiche wéi wichteg et ass, datt Lëtzebuerg an alle Kooperationsstrukturen, och an der Défense, an Europa deelhält. Merci.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Da komme mer zur Ofstëmmung.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5463 ass ugehall mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrigh-Duval, Nancy Arendt (par M. Marc Spautz), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-

Koullen (par M. Marcel Oberweis), MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Ben Fayot), Mme Lydia Mutsch (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Roger Negri, Jos Scheuer (par M. Romain Schneider), Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Alex Bodry);

MM. Xavier Bettel (par M. Carlo Wagner), Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par Mme Anne Brasseur), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen (par M. Niki Bettendorf), Paul Helminger (par M. Charles Goerens), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen dann zum Projet de loi 5505, eng Konventioun iwwert déi Persounen, déi ënner internationalem Schutz stinn. D'Wuert huet de Rapporteur, den honorabelen Här Marc Angel.

6. 5505 – Projet de loi portant approbation de la Convention sur la prévention et la répression des infractions contre les personnes jouissant d'une protection internationale, y compris les agents diplomatiques, adoptée à New York, le 14 décembre 1973

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

M. Marc Angel (LSAP), rapporteur.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, bei dësem Projet de loi geet et ëm d'Approbatoun iwwert d'Konventioun zur Preventioun a Repressioun vun Infraktiounen géint Persounen, déi vun enger Protection internationale profitéieren, wourënner och diplomatesch Agenten falen. Dës Konventioun ass scho viru 34 Joer adoptéiert ginn zu New York am Dezember 1973.

No ville Joren huet dunn den Ausseminister de 14. November 2005 dee Projet de loi hei déposéiert. Den 21. November gouf ech Rapporteur genannt. De Conseil d'État huet säin Avis de 15. November gemaach, an den 19. Dezember hunn ech der Commission des Affaires étrangères e schrëftleche Rapport virgeluecht a presentéiert.

Déi Konventioun, iwwert déi mer haut ofstëmmen, gouf am Kader vun de Vereente Nationen 1973 ugehall. Et war dëst eent vun den éischten internationalen Instrumenter ufanks de 70er Jore fir op en Usteige vun terroristeschen Akten ze äntwerten.

An de 70er Jore waren d'terroristescht Ziler besonnesch d'Fliegen,

d'Aviation civile, an zweetens och d'Diplomaten an d'diplomatesch Installatiounen, d'Ambassaden. Zwou Konventiounen goufen dunn direkt ausgeschafft fir géint d'Piraterie vun der Aviation civile virzegoen. An eng – dat ass déi, iwwert déi mer haut, wéi gesot, ofstëmmen –, déi gouf ausgeschafft fir ebe genau d'Diplomaten an d'Ambassaden, wat jo deemools en Zil vun den Terroriste war, ze schützen.

Wann Der mer erlaabt, wëll ech eng kleng Klammer opmaachen a soen, dass an de 70er Joren och scho grouss Problemer waren, fir den Terrorismus ze definéieren. Deemools ass vill driwwer diskutéiert ginn, ob ee muss en Ënnerscheed maachen tëschent Terrorismus an Akte vun nationale Fräiheitsmouvementer.

Mä elo zréck zur Konventioun. Wéi gesot, 1973 gouf deem Text zu New York ugehall. Dräi Joer duerno ass en a Kraaft getratt. Haut hunn 159 Staten dës Konventioun ugehall, dovun 23 EU-Länner. Irland a Lëtzebuerg sinn déi zwee lescht EU-Länner, déi dat nach musse maachen.

D'Décisioun, fir elo dëser Konventioun ze adhéréieren, geet op Engagementer zréck, déi um europäesche Plang, awer och am Kader vun der UNO geholl gi sinn no den Attentater vum 11. September 2001, fir dass mer engem Ensembl vun zwielef antiterroristeschen Instrumenter kënne bäitrieden oder se ëmsetze kënnen.

(Coups de cloche de la Présidence)

Mam Ëmsetze vun dëser Konventioun hu mer vun deenen zwielef Instrumenter der schonn néng ëmgesat. Dës Konventioun presentéiert sech als eng Convention d'incrimination, mä si enthält och Dispositionen, wat d'Preventioun ugeet, notamment duerch d'Entraide judiciaire.

Déi Konventioun hei besteet aus 20 Artikelen. Zum Beispill den Artikel 1, deem definéiert d'Notiounen, wéi eng Persoun vun esou enger Protektioun kënne profitéieren. Dat sinn d'Statschefen, d'Regierungschefen, d'Ausseministere, hir Familljen, awer och d'Fonctionnaire vum intergouvernementalen Institutionen. An et gëtt och d'Notioun vum Auteur présumé de l'infraction definéiert.

Den Artikel 8 zum Beispill regelt alles, wat mat Extraditionen ze dinn huet.

Dee wichtegsten Artikel an dëser Konventioun ass awer den Artikel 7. Dee viséiert fir géint d'Impunitéit vun den Auteure vun Infraktiounen, géint Diplomaten an Ambassade virzegoen. Et geet hei an deem Kontext och ëm de Prinzip «extra-der ou juger». Onse Statsrot approvëiert dëse Projet de loi, well e sech an eng logesch Suite vun Instrumenter um internationale Plang areit, fir ebe géint den Terrorismus ze kämpfen.

Genau wéi bei dem Projet de loi 5344, deem am Dezember 2004 hei ofgestëmmt ginn ass, wou et ëm Amendementer zur Convention européenne pour la répression du terrorisme geet, erënnert de Conseil d'État drun, dass soll ënnersicht ginn, ob eise Code pénal am Aklang mat dëser Konventioun ass. De Statsrot proposéiert duerfir, genau wéi beim Projet 5344, deem ech elo grad zitéiert hunn, den Article unique an den Artikel 1 ëmzeschreiwen an en zweeten Artikel derbäizesetzen.

Dësen zweeten Artikel soll dat kloerstellen, wat am Artikel 7 vun der Konventioun steet. An do geet et ëm déi Clause d'extraterritorialité. Voilà. Wann dësen zweeten Artikel zum Beispill net do wär, kéint, wann et zu enger Gerichtsaffär an dësem Kader kéim, déi ganz Affär platzen. An dat muss een évitéieren.

Erlaabt mer eng Remarque zum Ofschloss, déi elo net direkt mat där Konventioun hei ze dinne huet. Ech mengen, et wär interessant, an der Chamber, a vläicht mat eise Juristen, déi mer an der Commission juridique hunn, eng Kéier iwwert déi Clause d'extraterritorialité ze schwätzen an aneren Domänen vun internationaler Kriminalitéit, wéi zum Beispill Fraenhandel oder Kannerhandel oder dee ganze Voleet, dee mat Sextourismus ze dinne huet, wou jo d'Kanner oft d'Victimé sinn.

Dat gesot, wëll ech zum Ofschloss den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet ginn, an ech soenlech Merci fir Aert Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. le Président.** - Merci, Här Angel. Freet keen d'Wuert dozou?

(Négation)

Ech gesinn, dat ass net de Fall. D'Regierung och net. Da kënnen mer direkt zur Ofstëmmung kommen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5505 ass ugehall mat 60 Jo-Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrigh-Duval, Nancy Arendt (par M. Marc Spautz), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Lucien Clement), MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert (par M. Michel Wolter), Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Roger Negri), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer (par M. Romain Schneider), Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Alex Bodry);

MM. Xavier Bettel (par Mme Anne Brasseur), Niki Bettendorf (par M. Claude Meisch), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Charles Goerens), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen (par M. Carlo Wagner), Paul Helminger (par Mme Colette Flesch), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter (par M. François Bausch);

MM. Gast Gibéryen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Merci, dann ass et esou decidéiert.

Mir kommen dann zum leschte Punkt vun eiselem Ordre du jour vun haut. De 26. Januar hat den Här Lucien Clement eng Motioun iwwert de Konferenzzentrum um Kierchbiereg deposéiert, iwwert déi d'Chamber haut de Mëtteg soll debattéieren. Wat d'Riedezäit ubelaangt, stinn dem Autor, also dem Här Clement, an de Fraktiounen an der Regierung jeeeweils fënnef Minutte Riedezäit zou. Den Här Clement huet elo d'Wuert, fir d'Motioun ze presentéieren.

7. Motion de Monsieur Lucien Clement relative à la réalisation du Centre de Conférences à Luxembourg-Kirchberg

■ **M. Lucien Clement** (CSV), auteur.- Här President, Dir Damen an Dir Hären, ech hat de 26. Januar eng Motioun deposéiert, déi de Bau vum neie Centre de Conférences betrëfft.

Motion 1

La Chambre des Députés, considérant

- que par la loi du 24 juillet 2001 relative à l'extension et à la modernisation du Centre de Conférences à Luxembourg, le Gouvernement a été autorisé à faire procéder à l'extension et à la modernisation du Centre de Conférences à Luxembourg-Kirchberg (ci-après le «CCK») pour un montant global de 161.130.791,10 euros;

- que si l'intention du Gouvernement à l'époque était d'achever le projet sous rubrique pour la Présidence luxembourgeoise de l'Union européenne du premier semestre 2005, il s'est avéré très vite qu'un projet d'une telle envergure n'était pas réalisable dans le laps de temps prévu par le Gouvernement;

- que le Gouvernement de l'époque a de ce fait décidé en mars 2003 d'ériger un Centre de Conférences provisoire dans les halles 3 et 4 des Foires Internationales de Luxembourg, et qu'il a alors été accepté par la Chambre des Députés, la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire et des Comptes entendue en son avis, que les frais en relation avec la construction du Centre de Conférences provisoire soient imputés sur le budget de la loi du 24 juillet 2001 précitée;

- que depuis l'adoption de cette loi d'autorisation, des concertations entre le Secrétariat général du Conseil de l'Union européenne et le Comité de coordination pour l'installation d'institutions et d'organismes européens au cours de l'année 2003 ont révélé la nécessité d'une actualisation du programme des besoins du Conseil de l'Union européenne;

- qu'en définitive, le projet de construction remanié devra être autorisé par une nouvelle loi spéciale;

- que l'enveloppe financière prévue par la loi d'autorisation de 2001 laisse une marge de manœuvre par rapport au budget actuellement autorisé pour accommoder des modifications aux plans de construction initiaux;

- que l'option d'introduire d'ores et déjà un projet de loi d'adaptation ne peut être retenue, alors qu'un tel projet devra se baser sur l'avant-projet détaillé du nouveau CCK qui ne sera prêt qu'au cours de l'année 2006, et qui devra être entériné par un engagement formel du Conseil de l'UE portant acceptation définitive du programme de construction modifié;

- que la visibilité et le rayonnement européens du Luxembourg dépendent dans une très large mesure de la tenue des réunions du Conseil des Ministres de l'Union européenne à Luxembourg pendant trois mois de l'année;

- que les Commissions des Travaux publics et du Contrôle de l'exécution budgétaire et des Comptes de la Chambre des Députés ont marqué leur accord à la poursuite des travaux en vue de la réalisation d'un nouveau CCK correspondant aux exigences et besoins actuels et futurs de l'Union européenne;

invite le Gouvernement

- à poursuivre les travaux de construction du nouveau CCK sur la base de la loi du 24 juillet 2001 en les réorientant en direction d'un nouveau projet de construction définitif, et à accommoder dans ces travaux les modifications substantielles des plans de construction initiaux rendues indispensables

par la conception nouvelle du nouveau projet de construction;

- à obtenir, dans les meilleurs délais, l'engagement définitif écrit du Secrétariat général du Conseil des Ministres de l'Union européenne portant acceptation des nouveaux plans de construction du CCK;

- à déposer au cours de l'année 2006 un projet de loi d'autorisation des travaux définitifs comprenant une nouvelle enveloppe budgétaire globale.

(s.) Lucien Clement, Ben Fayot, Henri Grethen, Viviane Loschetter, Michel Wolter.

Duerch d'Gesetz vum 24. Juli 2001 ass d'Regierung déi Zäit autoriséiert ginn, fir fir gutt 161 Milliounen Euro en neie Centre de Conférences um Kierchbiereg ze bauen.

Ursprénglech ass awer d'Regierung dovun ausgaangen, datt de Projet fir d'Présidence, also fir ufanks 2005, fäerdeg gestallt sollt ginn. Mä ganz séier huet sech awer erausgestallt, datt déi zäitlech Virgab net an deem Mooss konnt agehale ginn. An aus dësem Grond ass dann dunn och beschloss ginn, fir e Centre de Conférences provisoire an de Foireshaalen ze aménagéieren. Mä well duerfir awer keng Sue virgesi waren, huet d'Regierung mam Accord vun der Comexpo beschloss, dës Gelder op de Budget vum Gesetz vum 24. Juli 2001 ze amputéieren.

Säithier sinn awer nei Fuerderunge baulecher Aart säitens dem Conseil vun der Europäescher Unioun un d'Regierung erugefroen ginn. An zwar an deem Mooss, datt de bestehende Projet, wat déi baulech Moossname betrëfft, allerdéngs net esou déi finanziell Enveloppe, emgéännert gi muss. En neie Projet de loi, deen d'Extensioun betrëfft, muss also élaboréiert ginn. Déi baulech Emännerungen um ale Projet, déi en vue vun deenen neie Fuerderungen néideg gi sinn, passen awer nach, wéi ech scho gesot hunn, an déi finanziell Enveloppe vum Gesetz vum 2001.

Et ass einfach wichteg fir Lëtzebuerg – an ech denken, do ass jiddfereen heibanne mat mer d'accord –, datt de Conseil och an Zukunft hei zu Lëtzebuerg siégéiert, och wann dat nëmme fir dräi Méint am Joer ass. Fir dat awer elo sécherzestellen, muss Lëtzebuerg dann och déi néideg Infrastrukturen zur Verfügung stellen.

Nodeems de Bauteminister, den Här Claude Wiseler, déi zwou zoustänneg Kommissiounen, d'Bautekommissioun an d'Comexbu, gemäss eiser neier, nach net ofgeschlossener Prozedur informéiert hat an och den Accord an deenen zwou Kommissiounen krut, wëlle mir dësen Accord dann och hei an der Chamber per Motioun bekräftegen.

D'Chamber wëllt mat dëser Motioun d'Regierung an den zoustänneg Minister invitéieren, weiderzefuere mat den Emännerungen vun de Pläng. Pläng, déi dann och deenen neie Fuerderunge vum Conseil européen Rechnung droen. Des Weidere gëtt d'Regierung opgefuerdert, esou schnell wéi méiglech en definitive schrëftlechen Accord, wat d'Pläng an d'Fuerderungen ugeet, vum Sekretariat vum Conseil ze kréien. D'Regierung gëtt dann och nach opgefuerdert, am Laf vum 2006 en neie Projet de loi mat enger neier globaler Enveloppe financière a mat deenen neie Pläng ze deposéieren.

Här President, Lëtzebuerg huet mat Sécherheet keen entschuedenden Afloss wéi gebaut soll ginn a wat gebaut soll ginn, wann et sech ëm europäesch Projeten handelt. Au contraire, mir lafe souguer Gefor, datt de Conseil net méi hei zu Lëtzebuerg tagt, wann d'Infrastrukturen net deem entsprechen, wat sech do virgestallt gëtt.

Zum Schluss wëll ech awer nach soen, datt de Bauteminister, den Här Wiseler, sech virbildlech un déi nei Prozedur, déi mir eis zesumme mat him jo selwer operluecht hunn, gehalen huet. En huet, an dat net nëmmen an dësem Projet wëll ech soen, souwuel d'Comexbu wéi...

(Coups de cloche de la Présidence)

...och d'Bautekommissioun zur richteger Zäit informéiert an dunn och den Accord an deene Kommissiounen krut.

Ech denken, Här President, nodeems all d'Fraktiounen, mat Ausnahm vum ADR, déi mer am Virfeld signaliséiert hunn, datt si sech géif enthalten, déi Motioun mat ënnerschriwwen hunn, datt dës Motioun dann och mat enger grousser Majoritéit hei d'Chamber passéiere wäert. Ech soenlech Merci fir d'Nolauschteren.

■ **M. le Président.** - Merci, Här Clement. Den Här Fayot huet d'Wuert gefrot.

Discussion générale

■ **M. Ben Fayot** (LSAP).- Här President, ech wollt just soen, dass dee Centre de Conférences jo eng ganz laang Geschicht huet an dass ee muss dro hiweisen, dass dat vun Ufank un ënner engem ongléckleche Stäer stoung, well mer jo – wéi den Här Clement richtig gesot huet – deemools 2001 versprach kruten, dat wär fir 2005 fäerdeg, an et war schonn 2001 kloer, dass dat net méiglech wär. Also ech mengen, eng Regierung soll ni méi esou Versprache maachen, wou se vu virera weess, dass se se net kann anhalen.

Bei deem Centre de Conférences erliewe mer awer eng Neierung, wéi mer se hei nach ni an engem Projet fir europäesch Institutiounen haten – ech wëll dat ënnersträichen. Dat heescht, dass mer hei baue fir d'europäesch Institutiounen, awer nëmmen da bauen an och nëmmen e Projet hei an der Chamber unhuelen, wa mer eng formell schrëftlech Zouso fir dee Projet hunn, wéi d'Regierung en dann ausschafft, opgrond vun deem Programm, dee se vun deem Ministère virgeluecht kritt, dee jo responsabel ass fir d'Politique du siège, dat heescht an dësem Fall den Ausseministère.

Ech wëll drop hiweisen, dass et fir d'éischt ass wou mer dat maachen an dësem Land, an et schéngt mer äusserst wichteg – och fir d'Zukunft –, dass mer dat ëmmer op déi Manéier maachen, well mer eis et net méi kënnen leeschten, Milliounen a Milliarden ze investéieren ouni geenee ze wëssen, wou mer higin. An dofir fannen ech et wichteg, dass mer dës Motioun och stëmmen an dass mer mam Här Wiseler, dee jo och während fënnef Joer an der Comexbu souz an och verfollegt huet, wéi schwierig dat war fir Projeten op d'Linn ze kréien, dat och weiderhin an Zukunft esou maachen.

Merci.

■ **M. le Président.** - Merci, Här Fayot. D'Madame Brasseur huet d'Wuert.

■ **Mme Anne Brasseur** (DP).- Här President, Dir Damen Dir Hären, den Här Fayot huet elo mat Recht ënnerstrach, wéi wichteg et ass, dass mer elo an eng Richtung ginn, dass mer e schrëftlechen Engagement kréie vun den europäeschen Institutiounen. Den Här Fayot huet sech geiergert – an och zu Recht –, dass d'Regierung e Versprechen agaangen ass, wat se net konnt halen, an dass déi Gebaier net fir 2005 fäerdeg gi sinn. Mä Gott sei Dank si se net fäerdeg ginn, soss hätte mer Gebaier zur Verfügung gestallt, déi elo net méi esou kéinte gebraucht ginn, well entre-temps d'Wënsch geännert hunn.

Do muss een awer och soen, déi, déi Demandeur bei eis sinn, nämlech d'Europäesch Institutiounen, missten awer och ee fir allemol

wëssen, wat se gären hätten, well soss ass et awer fir eng Regierung a fir e Parlament onméiglech, fir ze wëssen, wou een drun ass.

Mir sinn hei eng Procédure agaangen, wou kee ganz begeeschtert driwwer ass, mä ech mengen, mir hunn hei eng Richtung ageschloen, wou et awer de Sënn vum pragmatische Wee ass, dee mer zesummen, souwuel an der Kommissioun vum dem Contrôle budgétaire wéi och an der Kommissioun vun den Travaux publics, diskutéiert hunn; e Wee, dee mir als Fraktioun ënnerstëtzen. An ech géing dem Här Clement wëlle félicitéiere fir dee Rapport, deen hien do gemaach huet iwwert déi Motioun, déi hien erabruecht huet, fir dass mer hei e Stéck weiderkommen.

Merci.

■ **M. le Président.** - Merci, Madame Brasseur. Den Här Mehlen huet d'Wuert.

(Interruption)

Ah, den Här Bausch.

■ **M. François Bausch** (DÉI GRÉNG).- Här President, ech wëll et ganz kuerz maachen a mechmenge Virriedner alleguer uschléisse fir dat, wat gesot ginn ass, an et ass alles gesot ginn. Ech wëll just dem Här Clement och nach eng Kéier Merci soe fir säi Rapport a soen, datt mir déi Motioun stëmmen.

■ **M. le Président.** - Merci, Här Bausch. Den Här Mehlen.

■ **M. Robert Mehlen** (ADR).- Här President, den Här Rapporteur, deem ech och wëll Merci soen, huet et schonn ugeknéigt, datt mir eis hei wäerten enthalten.

Éischtens ass an deem Projet hei munches schif gelaf wat mir net kënnen guttheeschen. Déi Aart a Weis wéi d'Regierung decidéiert huet, ouni d'Chamber virdrun ze froen, dee Centre provisoire ze bauen, déi Aart a Weis wéi dat duerchgezu ginn ass, wou mer, wéi d'Chamber schonn an der Vakanz war, zesummegetrommelt gi sinn an den Här Statsminister himself eis nodräglech ëm en Accord gefrot huet fir e Fait accompli, dee geschaf war, wou Investitiounen gemaach gi waren, wou d'Marchés-publics-Gesetz net respektéiert ginn ass, wou einfach vu Groussmarchéen déi Gré-à-grée gemaach waren an zum allergréissten Deel schonn duerchgezu waren, ass eng Aart a Weis, déi een ni an nimmer ka guttheeschen.

Et kann een elo soen: Dat ass Passé. Mä et beweegt sech alles am Kader vun deem Kredit, dee gestëmmt ginn ass duerch dat éischt Gesetz, wou mer elo en zweet mussen nostëmmen. An ech wollt dat bei dëser Geleehentheet – an do passt et hin – ernimmen.

Dat Zweet ass, datt mer elo bei der Extensioun och soi-disant d'Hand erëm forcéiert kréien, well dat, wat elo investéiert ass, dat ass jo investéiert, dat steet do, mir kënnen net méi zrëck, mir müssen hei einfach no vir, egal wat et kascht, an et kascht schrecklech deier. Dofir muss ech soen: Och dat kann een nu wierklech net mat Satisfaktioun erfüllen.

Ech kann awer och novollzéie wat d'Madame Brasseur gesot huet, datt déi Leit, déi ursprénglech d'Demande u Lëtzebuerg gestallt hunn, och schlecht geplangt hunn. Deemools war jo gesot ginn: Dat, wat elo realiséiert gëtt, dat ass et. Mir gesinn awer, datt d'Communautéit wiisst a si bleift wahrscheinlech och net bei 25 stoer. Ergo muss ee sech schonn erëm mat grousser Suerg froen: Wat kënt dann iergendwann duerno eng Kéier?

Dann, déi Unanimitéit vun deem risegen Avantage, dee Lëtzebuerg soll doduerch hunn, datt de Conseil während dräi Méint, an zwar verdeelt iwwert d'ganz Joer – wann ech mech gutt erënnern ass